



ALEM
Association Luxembourgeoise
des Etudiants en Médecine



Katrin – Berlin, Däitschland – 5. Joer

August 2023 – Montréal, Canada-Québec



Ech war am August am SCOPE Stage a Kanada zu Montréal a kann dësen Exchange op alle Fall weider empfeelen. Mäi Stage war am Hôpital Charles Le Moyne zu Longueuil. Dëst ass amfong eng eegestänneg kleng Stad, gëtt awer méi wéi e suburb vu Montréal ugesinn.

Ech hu mech fir e Stage a Kanada-Québec entscheed, well ech mer déi schéin Natur ukucken a meng Franséischkenntnisser opessere wollt. Bei der registration konnt ech mech tëscht den Unie Québec Laval, Montréal, Sherbrooke an Trois-Rivières entscheeden. Ech hu Sherbrooke ob d'Plaat 1 gesat, well hire Stagesystem am beschte mam Stagesystem vu menger Uni iwwertene gestëmmt huet an ech mer de Stage dono méi einfach vun der Uni urrechne loosse konnt. Vu dass d'Uni Sherbrooke awer lauter verschidde Lehrkrankenhäuser am Québec huet, sinn ech per Zoufall op Longueuil placéiert ginn a konnt sou och Montréal genéissen.

Ech war immens begeeschtert vum Stage, mee den administrative Wee fir dohi war immens ustrengend! Ech hu mech am Oktober 23 gemellt a krut am Januar eng Zouso, dass ech fir August am Québec ugeholl wier. Ech wosst awer bis Abrëll net, iwwert wéi eng Uni a réischt am Juni war kloer dass ech zu Longueuil am Spidol wier an net zu Sherbrooke selwer. De Kontakt mat de Studenten déi de Stage organiséiert hu war gutt, ech krut och ëmmer relativ schnell Äntwerten a si hu mir sou gutt wéi méiglech probéiert ze hëllef, och wa si selwer oft net weider wossten.

Vun administrative Saache muss een en ënnert anerem en Dokument noweisen dass ee Franséisch kann (amfong muss ee sou e standardiséierte Franséischtest maachen, dee kascht awer em déi 250 Euro) ech hunn hinnen dofir einfach mäi Premièresdiplom ageschéckt, wat dunn och duergaangen ass. Ech misst trotzdeem e Meeting mat engem vun de Studentinnen aus dem Québec hunn fir ze weisen, dass mäi Franséischniveau gutt genuch wier. Et brauch ee kee Visa, well de Stage just 1 Mount dauert - dat heescht, et muss ee sech just em den eTA, also d'electronic travel authorization këmmen. Zudeem muss een e Gesondheetstest, bei engem vum kanadesche Staat agreéierten Dokter maachen. Vu dass et zu Lëtzebuerg kee gëtt an et an Däitschland just 4 Doktere gëtt, bei deenen een déi Ënnersichung maache



ALEM
Association Luxembourgeoise
des Etudiants en Médecine



kann, ass et net einfach e Rendez-Vous bei deenen ze kréien. Des Ënnersichung kascht em déi 350 Euro a gëtt net rembourséiert. Dozou zielt e Röntgen-Thorax fir Tuberkulos ofzeklären an e Screening ob STDs. Hei muss een och bedenken, dass wann een net grad zu Wien, Berlin, Münche, Frankfurt, Bréissel oder Paräis studéiert, een och d'Fahrtkosten fir dohi bezuele muss. D'Resultater gi vum Dokter un den immigration office Kanada geschéckt, déi dann entscheiden, op een an d'Land ran dierf an de Stage maachen dierf oder net. Zudeem muss ee sech op der Uni a beim Collège des médecins du Québec immatrikuléiere loosser.



De Stage u sech war mega cool. Ech war an der Anästhesie an deem Lehrkrankenhaus vun der Uni Sherbrooke. Fir bei d'Spidol ze kommen hunn ech ëmmer den öffentlechen Transport geholl wat och gutt geklappt huet. An dësem Spidol hunn d'Anästhesist*inne sech net em d'Intensivstatioun gekëmmert an och net em de SAMU, sou dass ech all Dag am OP war. Vu dass si eng immens grouss Chirurgie an deem Spidol hunn, hunn ech mega vill gesinn, vun der Neurochirurgie iwwert komplizéiert Thoraxchirurgien, vill Urologie a Césariennen. Ech war an engem Team vu 16 Anästhesist*innen, déi alleguer fäerdeg mat hirer Spezialisatioun waren a Spaass drun hate, mech matzehuelen. Ech sinn all Dag engem OP Sall an doduerch engem*r Anästhesist*in zougedeelt ginn a konnt no 2 Wochen och selwer auswiele, wien ech begleede wéilt a wat ech wéilt gesinn. Zu mengen

Aufgaben huet ënnert anerem gezielt, eng Präanästhesievisite ze maachen, also d'Patient*inne virun der OP gesinn an den Oflaf beschwätzen, d'Otemweeër an d'Risikoaschätzung vum Patient maachen an den Zougang ze leeën. Zudeem dieft ech ëmmer d'Sécherung vun den Otemweeër maachen, sief et einfach bebeutelten, eng Larynxmaske leeën oder ze intubéieren. No an no hu si mir dann och méi speziell Aufgaben zougetraut, wéi arteriell Zougäng a Péridualen ze leen. Bei zentralvenösen Zougäng leeën an zéien, souwéi bei Epiduralen, dieft ech assistéieren. Wärend der OP sollt ech dann ënner Opsicht entscheede, wéi eng Medikamenter mer solle ginn an d'Maschinn astellen. Wann eng OP mol méi laang gedauert huet sinn ech oft an aner Säll geschéckt gi, fir mer do spannend Prozeduren unzekucken oder konnt mat engem Hocker d'OP nokucken. Ech krut alles ëmmer erkläert, op all Froen eng Äntwert an hunn an deem Mount Stage super vill bäigeléiert.



ALEM

Association Luxembourgeoise
des Etudiants en Médecine



Am Spidol hunn ech kanadesch Student*inne kenne geléiert mat deenen ech heiansdo zesumme Paus gemaach hunn, doduercher hunn ech hire Medezinstudium besser kenne geléiert a konnt besser verstoe, wat am Stage vun de Student*innen hei verlaangt gëtt. Vu dass si just 4 Joer Medical School hunn, ier si mat hirer Residency, also der Spezialisatioun ufänken, gi si relativ frei am Studium an d'Spidol agebonnen a sollen an hire Stage villes selbststänneg maachen. Vu dass si awer just 1 Woch Stage an der Anästhesie hunn an een do net villes unsupervised maachen dierf, war mäi Stage méi relax an ech konnt e selwer mat gestalten. Ech hunn och keng Déngschter maache missen an just ënnert der Woch vu 7-15 Auer geschafft. Vun den aneren internationalen an och kanadesche StudentInnen krut ech awer mat dass dat éischter d'Ausnam ass. Bei de meeschte Stagen hei muss ee sech drop gefaast maache Weekends a Speitdängschter matzemaachen, an der Urgence och Nuetsdängschter a vill selbststänneg ze schaffen. Wéi dat gehandhaabt gëtt, hänkt awer vun Uni, Spidol a Service of.

Mat hirem québécois Accent hat ech am Ufank Problemer hu mech dunn awer relativ schnell dru gewinnt. Ofhängeg vun de Persoune misst ech awer heiansdo peinlecherweis 3 mol nofroen a sou sinn dann och puer witzeg Messverständnisser entstanen. Déi meescht Kanadier hunn hiren Accent awer bëssen ugepasst wa si mat mir geschwat hu, wat scho vill gehollef huet.



Am ganze ware mir am August a Québec zu 20 internationale Student*innen, 17 dovunner waren zu Montréal selwer, ech war 20 Minuten aus dem Zentrum raus zu Longueuil an 2 waren der zu Québec City. Vun eis 20 ware mer awer just zu 5 am SCOPE Exchange a 15, déi de SCORE Exchange gemaach hunn, also 1 Mount Recherche. D'Student*innen zu Québec waren zu 2 an engem Appartement ënnerbruecht, d'Student*innen zu Montreal waren a 4 Studentdorm-Appartementer am Zentrum vu Montreal ënnerbruecht an ech war eleng bei enger aler Fra an engem Appartement, méi no bei mengem Spidol. Wier ech léiwer bei den anere Student*innen an den Appartementer gewiescht? Jo. Mee ech hunn dat bescht draus gemaach, bei der Bomi ze wunnen an hunn der IFMSA-Québec awer weiderginn, dass se drop oppasse sollten nächst Joer och déi, déi an engem Spidol méi ausserhalb sinn an den Appartementer wunnen ze loossen, och wann dat da 15 Minuten



ALEM
Association Luxembourgeoise
des Etudiants en Médecine



méi wäit ze fuere sinn. Falls der awer bei enger Bomi (villäicht och där selwechter) land, da gëtt et awer e mega coole Mount. Ech hat doduercher d'Chance hier Famill, wou d'Enkelin och Medezin studéiert, a sou d'kanadesch Kultur richteg kennen ze léieren. Si hu mech ob Familienesse matgeholl a mer d'Stad gewisen. Zudeem huet all international student eng contact person, also eng local Medezinstudent*in, déi ee vum Flughafen ofhuele kennt, engem all méiglech Froe beäntwert an engem hëlleft duerch d'Liewen dohannen ze navigéieren.



Di aner international Student*innen hunn ech an der éischter Woch du kenne geléiert an obwuel ech net bei hinne gewunnt hunn, vill mat hinnen ënnerholl an zesumme giess. Si koumen ënnert anerem aus Taiwan, Norwegen, Frankräich, Italien, Spuenie, Portugal a Polen. Ech si praktesch all zweeten Dag ënnert der Woch bei si gefuer fir zesumme Montréal entdecken ze goen an zesummen ze kachen. Weekends si mer zesumme feiere gaangen an hunn eis entweder selwer Aktivitéite geplangt oder si mat kanadesche Student*innen aus der IFMSA-Québec zum Beispill Ottawa kucke gaangen. Vum social program hier war net mega vill vun de locals organiséiert, dofir hu mir eis selwer eis Weekender

verplangt fir déi wonnerschéi kanadesch Natur an hier cool Stied, wéi Toronto, Québec, Ottawa an d'Niagara-Fäll besichtegen ze goen.

Fazit

Ech empfeelen de Stage ob allefalls weider, ech hunn eng mega flott Erfahrung a Kanada mat de Leit, déi ech kenne geléiert hunn a mat menge Stage gemaach a konnt mer och nach déi mega Natur a Kultur ukucken.

Nätzlech Infos fir StudentInnen, déi dëse Stage maache wäerten:

Zu der medical examination: këmmert iech frei genuch em e Rendezvous. D'Resultater ginn direkt vum Dokter un de kanadeschen immigration office geschéckt. Iergendwann kritt een dann och d'Resultater selwer geschéckt, dat kann awer daueren. Amfong misst ee sech dann un d'kanadesch Ambassade wenden, fir dass si den eTa mat de Resultater koppelen an een domadder dann duerch d'Grenz goe kann. Ech hu rausfonnt, dass et déi Paräiser Ambassade ass, déi sech fir d'Lëtzebuerger dorëms këmmert, well mir keng eegen hunn. Déi hu mir awer ni op meng Email geäntwert a wann ech ugeruff hunn hu si net verstane wat ech wéilt. Ech hu meng Resultater dunne einfach ausgedréckt a sinn domadder duerchkomm ouni dass iwwehapt een dono gefrot huet... Ech géif awer urode, sech mat der Ambassade ausernaner ze setzen an en OK vun hinnen ze kréien. Verschidden aner Student*innen aus Italien a Frankräich missten nämlech alles op der Grenz virweisen.



ALEM

Association Luxembourgeoise
des Etudiants en Médecine



Zum Stage: denkt dru mindestens 3 puer Scrubs matzehuelen (bei mir stoung ech sollt „blouses“ mathuelen an ech hu geduecht dat wiere wäiss Kittelen, mee si mengen domadder medical scrubs). Si hunn am OP och all hir eegen OP-Hauwen un, falls ee sou eng huet kann een déi och mathuelen.

Vill Spaass am Stage
Katrin